



DONDELANGE
KEHLEN
KEISPELT MEISPELT
NOSPELT OLM



COMMUNIQUÉ

Léif Biergerinnen a Bierger,

D'Joer 2020 huet duerch déi aktuell sanitär an ekonomesch Krise fir vill Leit grouss Erausforderunge mat sech bruecht. Déi Situatioun huet net nëmmen d'Aart a Weis geännert wéi mir schaffen an eisen Alldag liewen, mee se ass och eng grouss Belaaschtung fir eis Moral an eis Psyche. Dës Belaaschtung hunn och ech perséinlech dëst Joer gespuert. Den zousätzleche Stress an eng konstant Iwwerschaffung hu schlussendlech derzou gefouert, dass bei mir ee Burn-Out diagnostizéiert gouf.

Ech hunn dowéinst decidéiert, mech an nächster Zäit em meng Gesondheet ze këmmern a mech engem adequaten Traitement ze ënnerzéien. Aus dem Grond wäert ech d'Charge vum Buergermeeschter vun der Gemeng Kielen fir eng gewëssen Zäit net méi kënnen ausféieren, an Dir wäert och an noer Zukunft iwwert déi néideg temporär Changementer am Schäfferot informéiert ginn. Den ageschloene politesche Wee op deem mer eis zanter enger Zäit beweege wäert esou viru gefouert ginn.

Ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass ech, och mat der Ënnerstëtzung vu menger Famill, erëm a meng al Form wäert fannen an de Poste vum Buergermeeschter vu Kielen, déi Aufgab déi ech aus vollem Häerzen a mat grousser Passioun maachen, erëm esou ausfëlle ka wéi ech mer dat wënschen.

An deem Sënn bleift gesond a bis geschwënn,

Äre Buergermeeschter

Félix Eischen